

UNION SAINT-PIE X

# CANTICUM NOVUM

BULLETIN DE LIAISON DE L'UNION SAINT-PIE X - PIUSVERBAND

1/2021

# COMITE CENTRAL DE L'UNION SAINT-PIE X (2017-2021)

## PRESIDENT

BRAUCH ALBERT
L-8522 BECKERICH • 15, SCHONK
TÉL.: 23 62 06 88 - ABRAUCH@PT.LU

## VICE-PRESIDENTS

BOEVER MARC
L-9748 ESELBORN • 11, MECHERWEE
TÉL.: 92 00 23 - BANNETTE@PT.LU

BECKIUS-GIRA JEANNY
L-5434 NIEDERDONVEN • 7, RUE DE LA MOSELLE
TÉL.: 76 80 63 - BECKIUSN@PT.LU

MULLER ROBY
L-5312 CONTERN • 8, AN DE LEESSEN
TÉL.: 26 70 17 79 - ROBYMULLER@PT.LU

## SECRETAIRE GENERALE

JUNG-JUNGBLUT LYDIE
L-4499 LIMPACH • 19, RUE DE RECKANGE
TÉL.: 37 87 73 - LYDIE.JUNG@VO.LU

## TRESORIER GENERAL

DUSSELDORF JOHN
L-9090 WARKEN • 85, RUE DE WELSCHEID
TÉL.: 81 92 18 - JOHN.DUSSELDORF@PT.LU

## CONSEILLER ECCLESIASTIQUE

BACHE CLAUDE
L-6730 GREVENMACHER • 2, RUE DE LUXEMBOURG
TÉL.: 75 00 94 - CLAUDE.BACHE@EDUCATION.LU

## REDACTEUR DU CANTICUM NOVUM

WILLKOMM LAURENT
L-1335 LUXEMBOURG • 3, RUE J.-G. DE CICIGNON
TÉL.: 48 13 22 - WILLKOMM@PT.LU

## REPRESENTANT DES ORGANISTES

DE ROND PATRICK
L-1482 LUXEMBOURG • 13, RUE CHARLOTTE ENGELS
TÉL.: 661 55 94 89 - PATRICK@DEROND.COM

## MEMBRES

BOCK ALPHONSE
L-9976 SASSEL • MAISON 24
TÉL.: 99 88 58 - FAX: 97 94 57

MAYER MARIE-SUZETTE
L-8821 KOETSCHETTE • 9, RUE DE MARTELANGE
TÉL.: 23 64 00 25 - TRANSPORTS-LIES@PT.LU

RONKAR MICHEL
L-1944 LUXEMBOURG • 13, RUE FRANZ LISZT
TÉL.: 621 24 54 84 - INFO.RONKAR@GMAIL.COM

STRONCK JEMP
L-5450 STADTBREDIMUS • 10, WENGERTSWEE
TÉL.: 23 69 82 01 - JSTRONCK@PT.LU



# UNION SAINT-PIE X - PIUSVERBAND ASBL

Fédération Nationale des Chorales d'Eglise de l'Archidiocèse de Luxembourg

Association sans but lucratif • Association reconnue d'utilité publique

L-8009 Strassen • 3, route d'Arlon

Téléphone: 26 20 18 99
Fax: 26 20 18 98
Secrétariat: saintpie@pt.lu
Centre de documentation: unionpie@pt.lu

Sites internet: www.piusverband.lu - www.chorales.lu - www.orgues.lu

Heures d'ouverture:
Secrétariat: lundi au vendredi 7h30 à 12h30
Centre de documentation: lundi au vendredi 7h30 à 12h30 / Fermé le mercredi

Relations bancaires:
CCPL: IBAN LU97 1111 0404 8637 0000
BCEE: IBAN LU03 0019 2455 8929 5000
Les dons versés (sur le compte BCEE) à l'USPX en sa qualité d'association reconnue d'utilité publique sont déductibles à titre de dépenses spéciales. L'USPX fera parvenir aux donateurs un certificat de don pouvant être joint à la déclaration d'impôt.

L'Union Saint-Pie X bénéficie du soutien financier du Ministère de la Culture.

# CANTICUM NOVUM

Bulletin trimestriel de l'Union Saint-Pie X

Imprimerie EXE S.A., Troisvierges
Tirage: 1900 exemplaires
Le bulletin est distribué gratuitement aux sociétaires des chorales de l'Archidiocèse de Luxembourg affiliées à l'Union Saint-Pie X.
Abonnement pour les non-membres: 7 € par an
Les articles signés reflètent l'opinion de l'auteur.
L'Union Saint-Pie X n'y est nullement engagée.


## Sommaire


Leitartikel: Mit neuer Dynamik in eine „neue“ Normalität 3
En engagéierte President huet äis verlooss 4
Abschid vun eisem fréiere Generaltresorier 4
Um Wee vun der (Nei)-Evangeliséierung 5
Agenda - Postes vacants - Varia 9
Ils ont rejoint les choeurs célestes 10
De Pierre Nimax sr. ass gestuerwen 11
D'Ufäng vum Magnificat zu Lëtzebuerg 12
Repertoireëmfro 14
En 100. Anniversaire am Joer 2020 15
Kierchemusek am Netz: Prouwen a Coronazäiten? 17
Voies vers la voix: La notation de l'unité psychophysique 18
Iubilaeum: ncal -e 2021 20


CN 1/2021: Parution début mai


**Couverture:**
Symbolbild vum Eberhard Münch - Centre de formation diocésain Jean XXIII, Eberhard Münch, Mischtechnik, 2011 © bene! Verlag, in der Verlagsgruppe Droemer Knaur, München

Photos: Laurent Willkomm, Église catholique

# Mit neuer Dynamik in eine „neue" Normalität

Langsam wagen sich viele Gemeinden wieder vorsichtig an das Singen in den Kirchenchören und Gottesdiensten. Es ist sehr schwer gewesen, die Chöre in dieser Corona-Zeit bislang lebendig zu halten, weil man ja nur mit sehr geringer Personenzahl und mit sehr weiten Abständen singen kann, wenn überhaupt. Es schmerzt mich besonders, dass die älteren Chormitglieder, die ja meistens die reichste Tradition, das reichste Leben in die Kirchengemeinde tragen, weil sie seit vielen, vielen Jahren und Jahrzehnten singen, dass die am meisten gestraft werden, weil sie aus gesundheitlichen Gründen besonders vorsichtig sein müssen.

Corona bringt unsere Kirchenchöre ohne Zweifel arg in Bedrängnis. Hat ein Chor ein Jahr lang fast nicht mehr regelmäßig gesungen, dann sinkt sein Niveau - deutlich hörbar. Zudem sehen ältere Sänger*innen die Corona-Zeit als Anlass, sich eventuell endgültig vom Chor zu verabschieden.

„Ohne Musik wäre das Leben ein Irrtum", ein Satz, der Friedrich Nietzsche zugeschrieben wird. Mir macht Hoffnung, dass wir innerhalb der Abstandsregeln unter Einhaltung aller virologischen Empfehlungen doch allmählich wieder ans Singen kommen, kreativ sind, neue Formen finden, andere Räume, vielleicht sogar andere Literatur, andere Probenintervalle. Es tut gut, wenn der Mensch sich ab und zu mal neu erfinden muss. Hauptsache, das Wesentliche bleibt.

„Unbedingt weitermachen", finde ich und rate, den Chören neue Aufgaben zu geben. Sie könnten z.B. bei Beerdigungen singen und dort dafür sorgen, dass die Trauernden den Trost der Musik spüren. Oder die Chöre könnten in den Gottesdiensten vorsingen und die Gemeinde anleiten. Das ist gerade heute eine wichtige Aufgabe, weil noch lange nicht alle Gottesdienstbesucher*innen die Lieder beherrschen. Dies könnte müde gewordene Sänger*innen neu motivieren.

Obwohl die Proben vielerorts (gut) laufen, bleibt trotzdem eine gewisse Unsicherheit. Das Blöde ist: die Sänger*innen proben und proben und haben keine Ahnung, ob sie es auch irgendwann aufführen können. Konzerttermine sind nicht planbar, und ob der nächste festliche Gottesdienst wirklich stattfindet oder verschärften Regelungen zum Opfer fällt, wagt auch niemand vorauszusagen.

Ob und wie die Kultur des Chorgesanges die Pandemie überlebt, hängt davon ab, ob es gelingt zu vermitteln, dass das gemeinsame Singen in jedem Fall sinnvoll und bereichernd ist, auch ohne ein großes Ziel. Genauso wie in der Kirche sollte auch in der Politik nicht unterschätzt werden, wie wichtig und tragend Chorsingen und Kultur allgemein für den gesellschaftlichen Zusammenhalt sind. Hier bräuchte es mehr Unterstützung als Restriktionen.

Wird sich die Kirchenmusik je wieder ganz von der Corona-Krise erholen, oder kann es doch einen nachhaltigen Knick geben? Ich bin überzeugt, dass die Musik und das Singen in der Kirche nicht verstummen werden. Das zeigt sich vor allem bei den Gottesdiensten, die von den Sänger*innen bzw. von der Gemeinschaft in der Regel musikalisch sehr kreativ, konzentriert und auf



gutem Niveau gestaltet werden. Ich wünsche, dass auch das Chorsingen von Laien in der Breite nach Corona weiterlebt. Allerdings denke ich, dass der Einschnitt noch lange zu spüren sein wird. Sicher ist: Das Chorleben ist auch weiterhin nicht infrage gestellt.

Wahrscheinlich bleibt es für uns Sänger*innen nur ein Traum, die Zeit vor der Pandemie zurückzugewinnen. Realistisch ist, dass mit allem guten Willen so bald nicht mehr an den früheren Standard angeknüpft werden kann. Wir Kirchenmusiker*innen müssen unsere kirchenmusikalische Arbeit in vielem völlig neu aufstellen, in anderen Worten, uns üben in einer gewissen „neuen" Normalität.

**Albert BRAUCH**
*Präsident des Piusverbandes*

# En engagéierte President huet äis verlooss

Den 18. Mäerz 2021 ass de Roby Zenner am Alter vun 78 Joer leider vun äis gaangen. Mir woussten, datt et net allze gutt ëm seng Gesondheet bestallt war, waren awer erféiert, wéi mir déi dach traureg Noriicht an der Zeitung gelies hunn.

De Roby Zenner war haaptberufflech Schoulmeeschter an huet mat Läif a Séil en „zweete Beruff" gefleegt, nämlech de Journalismus. Hien huet sech nieweberufflech engagéiert ewéi kaum en aneren op kulturellem a gesellschaftlechem Plang: am Lëtzebuerger Wort, am Journal, am Sonndesblad an am Marienkalender Honnerte vun Artikele publizéiert an um DNR geschwat. Ausserdeem huet hie fir e Verlag Theaterstécker aus dem Däitschen an d'Lëtzebuergescht iwwersat.

Hie war a ville Veräiner an Organisatiounen aktiv. Iwwer 30 Joer war de Roby Zenner Generalsekretär vun der AFP fir déi hien och Radiosemissioune gemaach huet. Och d'Lëtzebuerger Sprooch louch him um Häerz, an hie war eng Rei Joere Sekretär vun der Actioun Lëtzebuergesch „Eis Sprooch". Op lokalem Plang zu Déifferdeng war hie President vun der „Chorale Cäcilia". Op nationalem Plang war den Numm Roby Zenner och gutt bekannt, sief et als Comitésmember vun der UGDA oder als President vum Piusverband vun 2002 bis 2010.

Beim Untrëtt vum Roby Zenner als President gouf en Aktiounsprogramm opgestallt, fir de Piusverband aus ale Bunnen erauszeféieren. Sou goufen niewent villen Ännerungen an Neierungen dem Verband de Statut „association sans but lucratif", de Statut „d'utilité publique" wéi och de Statut „Editions Musica Sacra de l'Union Saint-Pie X" zouerkannt.

De Roby huet wärend senger Presidentschaft mat vill Kompetenz an Afillungsverméige probéiert, de Piusverband duerch d'geschriwwen an d'geschwate Press opbléien a liewen




ze loossen. Hien huet ëmmer seng Meenung gesot, huet als President net nëmme representéiert a Luef agestach, mä war sech fir méi delikat an ondankbar Aarbechten och net ze schuet.

A senger Funktioun als President vun der UNION SAINT-PIE X huet de Roby Zenner voll a ganz seng Missioun erfëllt, ëmmer ënner dem Motto vum David Livingston (brittesche Fuerschungsreesender): „Ich bin bereit, überallhin zu gehen, wenn es nur vorwärts ist."

**Albert BRAUCH**

# Abschid vun eisem fréiere Generaltresorier



Den 28. Mäerz 2021 ass de Georges Kuffer am Alter vun 81 Joer am Fridde mat eiser Här am Cipa "Op der Léier" zu Esch gestuerwen. Hien hat zënter enger Rei Joere gesondheetlech Problemer, huet äis awer erféiere gedoe wéi mir seng Doudesannonce an der Zeitung gelies hunn.

De Georges Kuffer war e villsäitege Mënsch a war einfach net kleng ze kréien. Hie war laang Joeren aktiv an der Par Déifferdeng (am Parrot, am Kiercherot, an den Oeuvres Paroissiales als Grënnungsmember, President an Éierepresident). Hie war 33 Joer aktive Sänger, Dirigent an duerno Éierendirigent vun der "Chorale Saint-Joseph Fousbann".

Niewent sengem Asaz op lokalem Plang war de Georges och ganz aktiv am Piusverband. Am Kader vum Kulturjoer 1995 war hien Haaptorganisator an Dirigent bei engem groussen nationale Concert an der Kathedral, war 2007 Dirigent bei 6 Opféierunge vun der Passioun nom Mathäus (no engem meditativen Text vum Emil Angel mat passende Gesäng vum Père André Gouzes), fir nëmmen dëst ze nennen. Des Weidere war hie Regionaldelegéierte vun 2002 bis 2003 a Generaltresorier vun 2004 bis 2010.

Mat him geet äis e joviale Mënsch verluer, deen ëmmr do war wann e gebraucht ginn ass. De Piusverband seet dem Georges Kuffer Merci fir säin onermiddlechen Asaz, säin Optimismus a säin aussergewéinlecht Organisatiounstalent.

**Albert BRAUCH**

# Um Wee vun der (Nei)-Evangeliséierung

*Um Titelblat fannt der ee Symbolbild vum Eberhard Münch, dat de Centre de formation diocésain Jean XXIII benotzt fir an d'Thematik vun der Evangeliséierung anzeféieren. D'Choralle mat hiren Dirigenten, Organisten, d'Sängerinnen a Sänger sinn Acteure vun der Evangeliséierung. D'Direktesch vum Centre de formation diocésain Jean XXIII hëllt ons a 3 Deeler mat eran an dës Thematik, a weist wat fir d'Zukunft vun der Kierch wichteg ass, a wou jiddwereen vun ons seng Plaz a Responsabilitéit huet.*



"Wenn die Kirche nicht aus sich selbst herausgeht, um das Evangelium zu verkünden, kreist sie um sich selbst. Dann wird sie krank. Die Übel die sich im Laufe der Zeit in den kirchlichen Institutionen entwickeln, haben ihre Wurzeln in dieser Selbstbezogenheit." [1]

1 Jorge Mario Kardinol Bergoglio, *Auszoch aus der Ried virum Konklav*, Roum, 2013

## I.DEEL

Evangeliséierung? Wat versti mir heirënner? Wou si mir gefuerdert?

Wien an der Kierch vun Evangeliséierung schwätzt oder d'Wuert (Nei)evangeliséierung an de Mond hëlt, stellt séier fest, datt et eleng scho beim Wuert onausgesprache Widderstänn gëtt. Vill Leit, dorënner och munch Gleeweg, denken hei direkt un eng Form vun Zwangsbekéierung, ee Formatage oder un eng Werbecampagne.

An enger Welt, wou d'Mënschen zur Zäit ee grousst Interessi u "Spiritualitéit" weisen an dobäi op déi ënnerschiddlechst Ressourcen zeréckgräifen, ass net een dogmateschen Discours gefrot. D'Leit sichen no Orientéierung a no Liewenshëllef. Virun allem awer brauche si ee gutt Wuert, spirituell Impulser a Plaze vun Austausch a klenge Gruppen, wou mënschlech Bezéiunge wichteg sinn.

Wann d'Kierchekris a Westeuropa ëmmer méi däitlech gëtt an d'Vollekskierch quasi zergrimmelt, dann ass et schmäerzlech nozekucken, datt all dat wat mir kannt hunn an esou gären haten op eemol net méi existéiert. Hei ass de Priistermangel da nëmmen d'Spëtzt vum Äisbierg. Well et feelt virun allem u Gleewegen, déi sech - wéi an engem Chouer mat hirer Partitur - sech zougehéireg wëssen.

D'Strukturreformen hu schein-bar kee neit Glawensfeier mat sech bruecht. De Glawe gëtt definitiv net méi wéi ee Virus an der Famill, an der Schoul oder an de Mouvementer ageotemt. Wat kënne mir also maache fir de Message net stierwen ze loossen. Nei Weeër um Wee vun der Verkënnegung? D'Glawensvermëttlung ass eng vun deene groussen Erausfuerderung fir d'Kierch, déi sech op de Wee an d'Zukunft mëcht: d'Evangeliséierung ass gefrot.

Den Tomas Halik, dee bekannten tschechesche Kierchekritiker, Theolog a Soziolog geet a sengem leschte Buch "Die Zeit der leeren Kirchen"[2] op d'Krisesituatioun vun der Kierch an. D'Bild vun den eidele Kierchen a Pandemiezäiten huet hien 2020 schonn interpelléiert. Heiranner gesäit hien ee kloert Zeeche vun der Zäit fir d'Kierch selwer. A sengen Ae géif si gutt drun doen, fir sech spirituell ze deconfinéieren an hir Diere fir Christus opzemaachen, deen an der Welt ze sichen an ze fannen ass. D'Kierch vun der Zukunft muss d'Liewen an d'Froe vun de Mënschen nei u sech eru loossen. Dëst freet een Ëmdenken am institutionelle Fonktionnement vun der Kierch an eng pastoral Ëmkéier bei deene Gleewegen.

Mee wat brauchen déi Gedeeften eigentlech, fir dëse Wee an enger säkulariséierter Welt ze goen? Wat

2 Tomas HALIK, *Die Zeit der leeren Kirchen, Von der Krise zur Vertiefung des Glaubens*, Herderverlag, 2021

brauch et, fir Gott trotz allem an d'Spill ze bréngen a fir net zu enger säkulariséierter Kierch an enger säkulariséierter Welt ze ginn?

"Etwas muss sterben (auch in der Kirche, in uns, in unserem Glauben), damit es zur Auferstehung kommen kann(...)und die Auferstehung ist nicht eine Rückkehr, sondern eine tiefgehende Verwandlung." (...)"Und diese neue Gestalt wird bereits geboren und wir können Zeugen und aktive Teilnehmer dieser Geburt sein."[3]
Dës Asiicht muss nei an den Häerzer lieweg ginn.

Wa mir an d'Theologiegeschicht kucke ginn, da war d'Evangeliséierung iwwer Joerhonnerte kee grousst Thema. Am Wuert Evangeliséierung läit dat griichescht Wuert "euangelion" - Evangelium - dran, wat esou vill wéi "Frou Noriicht" heescht. Etymologesch heescht "evangeliséieren" also esou vill wéi "Eng gutt Noriicht weider ginn". Mat der Persoun vum Jesus ass dëse Message an d'Welt komm. Hien huet ee Gott gewisen deen d'Mënsche mat Leidenschaft gär huet an duerfir selwer Mënsch ginn ass. Eng nei Zäit ass mam Jesus ugebrach: d'Räich Gottes. D'Gesetzesdenken an d'Gewunnechte vu senge Landsleit huet dëse Jesus op d'Kopp geworf. Hien huet sech net an eng Relioun agespaart an och net an ee moralesche System. Duerch säi radikaalt Vertrauen op säi Papp ass Beweegung an d'Spill komm. Dëst huet Hie mat sengem ganze Liewe bis an den Doud era verkierpert an äis gewisen, datt een Aneren dat lescht Wuert huet. Réischt no senger Opersteeung huet Hie senge Jünger den Optrag ginn, fir dëse Message an d'ganz Welt ze droen: "Mir ass all Muecht ginn am Himmel an op der Äerd. Duerfir gitt a maacht aus alle Vëlker Jünger: Deeft si op den Numm vum Papp, vum Jong a vum Hellege Geescht, a léiert si all déi Geboter anzehalen, déi ech iech ginn hunn! Kuckt, ech si bei iech all Dag bis un d'Enn vun dëser Welt…".[4] D'Kraaft heizou krut de Jesus aus der Bezéiung mat sengem Papp. Dës gëtt him eng ënner Fräiheet zu där Hien seng Frënn berifft. Mee och deemools wéi haut hunn déi eng gegleeft, déi aner bloufe skeptesch um Rand stoen an hu gezweiwelt, nach anerer hu sech radikal distanzéiert.

Och an der jonker Kierch zu Jerusalem hat d'Verkënnegung vun Ufank un eng wichteg Plaz: "Und sie ließen nicht ab, Tag für Tag im Tempel und in den Häusern zu lehren und verkündeten das Evangelium".[5] Hiert Erliewe mam Jesus war fir déi éischt Chrëschte wéi dat deeglecht Brout an heiduerch ass d'Communio entstanen. Un der Genesis vum Chrëschtentum fanne mir deemno kee pastorale Programm, mee dem Jesus säi Liewen a säin Optrag, an dee war Programm genuch.

D'Visioun vun enger anerer Manéier mat de Mënschen ëmzegoen, mam Besëtz, mam Geld, mat deenen Aarmen, dat war typesch chrëschtlech. An hirer Mëtt waren déi Krank och op eemol een Deel vun der Gemeinschaft, déi Aarm ware net fir ëmmer verdammt, d'Sënner kruten eng nei Chance an d'Frae ware net eng zweet Klass Mënsch. De Jesus selwer war et, dee seng Frënn an de Kär vu senger Missioun agefouert huet. Hie war den eigentlechen Dirigent, deen d'Mënsche geruff huet, erausgeruff fir Kierch ze sinn, d.h. fir Gott an der Welt siichtbar ze maachen.

Éischt Usätz dovunner fanne mir an der Jerusalemer Hauskierch (église domestique) a spéider op villen anere Plazen. D'Famill war déi Plaz wou de Glawe vermëttelt gouf. Hei gouf hie gedeelt a gefeiert (sécher goufen do och Psalmen an Hymne gesongen, esou wéi de Geescht hinnen se aginn huet) an all dat huet derzou bäigedroen, datt d'Frënn vu Christus d'Kraaft kruten, solidaresch mat deenen aneren ëmzegoen. "Christus hat mich ja nicht gesandt zu taufen, sondern um das Evangelium zu verkünden und zwar nicht mit eigenen Worten, damit das Kreuz Christi nicht wertlos gemacht wird." [6] De Kerygma, d.h. d'Verkënnegung vum Jesus sengem Liewen, Dout an Operstoen hat eng absolut Prioritéit. [7]

Duerch dat II. Vatikanescht Konzil ass d'Evangeliséierung fir d'Katholiken nei an de Fokus geréckelt. Méi wéi 50 Mol fanne mir d'Verb evangeliséieren an de Konzilstexter erëm. Am Dekret Ad Gentes iwwert déi missionaresch Tätegkeet vun der Kierch erënneren d'Konzilspappen un d'Wierker vun der Evangeliséierung. Hei geet et souwuel ëm d'Verbreedung vum Evangelium an deene Géigende vun der Welt, an deenen et nach keng oder net vill Chrëschte gëtt, wéi och ëm d'(Nei)evangeliséierung vu gedeefte Chrëschten duerch d'Katechees. Dem Konzil no ass d'Katechees duerfir éischter ee Wierk vun der Nei(Evangeliséierung). 70 Joer duerno ass dëse Grondgedanken am neien Directoire fir d'Katechees iwwerholl ginn. [8] Dësen Text setzt nei Akzenter fir eng Katechees,

3 Tomas HALIK, *Die Zeit der leeren Kirchen*, Herderverlag, 2020

4 Mk 16, 15-20
5 Apg 8, 5-8

6 1 Kor 1, 17
7 2 Kor 4, 5-7
8 Päpstlicher Rat für die Neuevangelisierung, *Direktorium für die Katechese*, 2020

déi sech un all Generatioune riicht a fir déi kommend Jore richtungsweisend ass. Nom II. Vatikanesche Konzil huet de Poopst Paul VI. d'Evangeliséierung a sengem apostoulesche Schreiwes Evangelii nuntiandi, d'Verkënnegung vum Evangelium (1975) zu engem wichtegen Thema fir all Gedeefte gemaach: "Evangelisieren ist in der Tat die Gnade und die eigentliche Berufung der Kirche, ihre tiefste Identität. Sie ist da um zu evangelisieren."[9]. D'Verkënnegung vum Glawen un de Jesus dat ass d'Aufgab vun der ganzer Kierch. De Poopst encourageéiert déi Gleeweg fir sech nei mat senger Persoun a senger Botschaft auserneen ze setzen. Et geet drëm, mat him a Bezéiung ze trieden, fir duerno bei d'Mënschen ze goen, besonnesch bei déi, déi Hien nach net kennen. D'Priedegt ass hei dat éischte Mëttel (Si ass iwwregens och laut Kiercherecht ausserhalb vun der Mass erlaabt fir Männer, déi weder Priister nach Diakon sinn a fir Fraen). Duerno kënnt eréischt d'Katechees, déi net nëmmen eng Saach fir Kanner ass, mee déi sech un déi ganz Gemeinschaft riicht. Nëmmen zum Schluss schwätzt dëse Poopst vun der Daf a vun all deenen anere Sakramenter, déi wichteg Mëttel um Wee vun der Evangeliséierung sinn. [10]

De Paul VI. betount och de Liewenstemoignage vun deem Eenzelen. "Für die Kirche ist das Zeugnis eines echt christlichen Lebens mit seiner Hingabe an Gott in einer Gemeinschaft die durch nichts zerstört werden darf, und gleichzeitig mit einer Hingabe an den Nächsten in grenzenloser Einsatzbereitschaft der erste Weg der Evangelisierung. Der heutige Mensch hört lieber auf Zeugen als auf Gelehrte, und wenn er auf Gelehrte hört, dann deshalb, weil sie Zeugen sind" [11].

An et gëtt keng Evangeliséierung ouni d'Wierke vum Hellege Geescht [12]. Säin Otem ass et, deen an äis d'Musek mécht. De Geescht vu Jesus Christus wierkt zënter der Daf duerch déi Gleeweg.

Nom Paul VI. hëlt och de Poopst Jean-Paul II. d'Evangeliséierung an de Bléck. A senger Missiounsenzyklika "Redemptoris Missio" aus dem Joer 1990 mécht de polnesche Poopst ee kloren Ënnerscheed tëscht der Éischtevangeliséierung vu Mënschen, déi Christus nach net kennen an der Neievangeliséierung vu Gedeeften, déi a chrëschtlech gepräägte Kontexter liewen an de Kontakt mat der Kierch aus iergend engem Grond verluer hunn. An engem zweete wichtege Schreiwes, dat d'Verkënnegung betrëfft, "Novo millennio ineunte", un der Schwell an dat neit Joerdausend, schreift hien am Joer 2000, datt d'Evangeliséierung méi wéi urgent ass: "Ein neues missionarisches Engagement in der Kirche zu wecken, das nicht einer kleinen Schar von Spezialisten übertragen werden kann, sondern letztendlich die Verantwortung aller Glieder des Volkes einbeziehen muss. Wem Christus wirklich begegnet ist, kann ihn nicht für sich behalten, er muß ihn verkündigen. Ein neuer apostolischer Aufbruch tut Not, der als tägliche Verpflichtung der christlichen Gemeinden und Gruppen gelebt werden soll"[13].

Seng Pastoralreesen sinn ee liewegen Ausdrock vun dësem missionareschen Elan an dat besonnesch och duerch d'Welt-jugenddeeg.

Nom Poopst Jean-Paul II. geet d'Entwécklung da beim Benedikt XVI. virun. Als ee vun deene ganz groussen Theologe vum 20. Joerhonnert huet hien ni opgehalen, déi Gleeweg zu de Quelle vum Glawen ze invitéieren. Mat Nodrock weist hien ëmmer nees op d'Wichtegkeet vun der Helleger Schrëft hin a betount de Schatz vun der Traditioun mat de Schrëfte vun de Kirchenväter, déi duerch d' Konzil nei valoriséiert goufen.

Am Oktober 2011 rifft de Poopst Benedikt XVI. souguer eng speziell Bëschofssynod mam Thema Neievangeliséierung an a mécht d'Acteure vun der Evangeliséierung op déi eigentlech Dynamik vun der Verkënnegung opmierksam. "Daher ist es wichtig, immer zu wissen, dass das erste Wort, die wahre Initiative, das wahre Tun von Gott kommt, und nur indem wir uns in diese göttliche Initiative einfügen, nur indem wir die göttliche Initiative erbitten, können auch wir – mit ihm und in ihm – zu Evangelisierern werden." [14]

No senger couragéierter Demis-sioun den 11. Februar 2013 gëtt een neit Konklav aberuff, aus deem de latäinamerikanesche Kardinol Jorge Mario Bergoglio am Mäerz den neie Poopst Franziskus ervirgeet. Schonn am Virfeld vu senger Wiel huet hie sech duerch seng Ried virun de Kardineel positionéiert. Couragéiert huet hien deemools de Fanger op d'Wonne vun der Kierch geluecht fir een Ëmdenken ze provozéieren an de Wee vun der Evangeliséierung nei unzegoen.

Fir den Äerzbëschof vu Buenos Aires, deen als Bëschof vun deenen Aarme bekannt war, louch d'Freed

9 EN 14
10 EN 17
11 EN 41
12 EN 75
13 NMI 23
14 Poopst Benedikt XVI., *Priedegt um Ufank vun der Synod iwwert d'Neievangeliséierung*, 2011

vum an um Evangelium him besonnesch um Häerz. An anere Wierder: duerch eng nei Melodie wollt hien d'Evangelium bei d'Mënsche gedroe wëssen. Dëse Wee féiert iwwer d'Baarmhäerzegkeet, an de Jesus selwer ass de Schlëssel. A sengem apostoulesche Schreiwes "Evangelii Gaudium", d'Freed vum Evangelium, gëtt de spéidere Poopst Franziskus der ganzer Kierch säi Reformprogramm am Joer 2013 mat op de Wee. Et ass eng Lektür, déi de Kardinol Jean-Claude Hollerich eis staark un d'Häerz leet. Doranner betount de Poopst Franziskus: " Ich lade jeden Christen ein, gleich an welchem Ort und in welcher Lage er sich befindet, noch heute seine persönliche Begegnung mit Jesus Christus zu erneuern oder zumindest den Entschluss zu fassen, sich von ihm finden zu lassen, ihn jeden Tag ohne Unterlass zu suchen. »…« Wer etwas wagt, den entäuscht der Herr nicht, und wenn jemand einen kleinen Schritt auf Jesus zu macht, entdeckt er dass dieser bereits mit offenen Armen auf sein Kommen wartet" [15].

15 EG 3

Et gëllt also mat Christus opzebriechen, fir mat Him eraus an d'Welt ze goen: « La mission, l'Église en sortie ne constituent pas un programme à réaliser, une intention à concrétiser par un effort de volonté. C'est le Christ qui fait sortir l'Église d'elle-même »[16].

D'Häerz vun der Evangeliséierung ass d'Gebiet an domat och d'Liturgie, de Kontakt mam liewege Jesus a sengem Wuert a Sakrament. De Poopst selwer ass ee Mann vum Gebiet. Mënschen, déi him nostinn, bezeien dat.

Esou och den Direkter vum peepstleche Weltgebietsnetz Frédéric Fornos s.j., dee bei sengem Passage zu Lëtzebuerg gezielt huet, datt de Poopst all Dag um 4 : 30 Auer säin Dag a senger Privatkapell ufänkt. Um Programm steet dann eng Zäit vu Stëllt virum Sakrament, d'Meditéiere vum Wuert Gottes, d'Moiesgebiet vun der Kierch (Laudes) an d'Feiere vun der Mass. Dat, wat de Poopst mécht a seet, kënnt aus der Stëllt. Seng spirituell Verankerung a seng Léift fir d'Mënsche sinn de Schlëssel vun enger ustiechender Freed. Hie weess, datt d'Gebiet net alles ass, mee datt ouni d'Gebiet alles näischt ass.

16 Pape François, *Sans Jésus nous ne pouvons rien faire, Être missionnaire aujourd'hui dans le monde*, Bayard, 2019

"Wir alle sind alle gerufen, als Verkünder des Evangeliums zu wachsen. Zugleich bemühen wir uns um eine bessere Ausbildung, eine Vertiefung unserer Liebe und ein deutlicheres Zeugnis für das Evangelium. Dabei müssen wir uns alle gefallen lassen, dass die anderen uns ständig evangelisieren."[17]

**Renée SCHMIT**
Bëscheeflech Delegéiert fir Evangelisatioun an diözesan Bildung

17 EG 120

zum Titelmotiv vum Eberhard Münch, Mischtechnik, 2011 / © bene! Verlag, in der Verlagsgruppe Droemer Knaur, München

**D'Freed vum Evangelium erfëllt d'Häerz an d'Liewe vun all deenen, déi dem Jesus begéinen…**

Duerch Jesus Christus gëtt dës Freed ëmmer nees nei an äis gebuer. Mat dësem Schreiwes well ech mech un déi Gleeweg riichten, fir si an enger neier Etapp vun der Evangeliséierung ze encouragéieren, déi vun dëser Freed gepräägt ass, an déi äis nei Weeër fir d'Kierch an deene kommende Jore weise wëllt.

Poopst Franziskus, D'*Freed vum Evangelium*, EG 1




## Oktav

D'Muttergottes-Oktav 2021 leeft of **vum Samschdeg 24. Abrëll bis Sonndeg 9. Mee ënner dem Motto „Op eemol war alles anescht …"** an am Respekt vun den aktuelle sanitäre Bestëmmunge betreffent d'Corona-Pandemie. All Chorale krut ugangs Abrëll heizou eng Invitatioun.
Fir de **PIUSVERBAND** war eng Mass den **1. Oktavsonndeg, 25. Abrëll ëm 18:00 Auer.** D'Mass gouf musikalesch animéiert vun de Membere vum Zentralcomité an allen anere Gleewegen an der Kathedral. Zelebrant war den Abbé Claude Bache.

## Generalversammlung „par Correspondance"

- Eis Generalversammlung konnt net wéi geplangt - bedéngt duerch d'Corona-Pandemie - am Februar ofgehale ginn, mee **gouf Enn Abrëll nogeholl**.
- All Chorale krut de **Programm vun der Generalversammlung „op Distanz"** zougeschéckt. An dësem Courrier war och e **Stëmmziedel** (mat enger timbréierter Enveloppe), deen ausgefëllt huet missen zeréckgeschéckt gi **bis spéitstens den 30. Abrëll 2021** (den Datum vum Poststempel zielt):
  E-mail-Adress: **saintpie@pt.lu** / Postadress: **Union Saint-Pie X • 3 rte d'Arlon, L-8009 Strassen**
- No der Auswäertung vun de Stëmmziedele gëtt all Chorale schrëftlech iwwer d'Resultat informéiert.

## Postes vacants

**D'Kanner- a Jugendchorale Bouneweger Nuechtigailercher** sicht en(g) Dirigent(in) fir September 2021.
Lëtzebuergesch a franséisch Sproochkenntnisser si vu Virdeel.
D'Prouwe sinn am Prinzip dënschdes fir 3 Altersgruppen: 3-6, 7-12, 11-18 Joer
**Kontakt:** Mme Nicole Boulmont • Tel.: 691 557 665 • E-mail: nboulmont@gmail.com

**D'Par Déifferdeng Saint-François d'Assise sicht en(g) Dirigent(in)**
fir hir nei Chorale, déi aus der Fusioun vun de Chorallen Uewerkuer-Nidderkuer-Fousbann entsteet.
D'Chorale séngt d'Festdeeg vun der Par, bedeelegt sech un den offiziellen Zeremonien vun der Gemeng an organiséiert sakral a weltlech Concerten.
**Kontakt:** Mme Régine Bernard • Tel.: 58 85 72 • E-mail: reginebernard@hotmail.com

## Varia

### Lëtzebuerger Lidder däerfen net verluer goen!

**2 nei Bicher mat ale Lidder - Band 1 & Band 2**

Dës 2 nei Bicher sollen déi Lidder nees opliewe loossen, déi een haut kaum méi héiert, an déi, ech mierken et un der Nofro, ëmmer méi erëmgesicht ginn. Sou z.B. d'Operett "Sonili" vun 1939, vun däer keng Spuer méi ze fannen ass! Dogéint ginn awer Wierker, déi scho bal verluer waren, nees erëmfont an nei opliewe gelooss, wéi "Kopleschter-Lidd", "Eist Éisléck" oder "De Minettsdapp", mee och e puer "Jéinesch Lidder" an ee Lidd wat wuel méi jonk ass, iwwer de Lift am Pafendall.

Wann Dir Iech fir dës Bicher intresséiert, oder fir ee Lidd dat Dir scho laang gesicht awer net fond huet, da mellt Iech beim
**Jean KANDEL • 7 rue Luitgardis, L-8244 Mamer**
**Tel.: 621 665 212 / E-mail: jeankandel@pt.lu**

**20 € pro Band (beim Jean Kandel ofgeholl)**
**22 € heemgeschéckt no Iwwerweisung: (BGLL) IBAN LU11 0030 0986 1601 0000 / mat Numm an Adress**

# Ils ont rejoint les chœurs célestes

LES MEMBRES DU COMITÉ CENTRAL,
LES DÉLÉGUÉS RÉGIONAUX ET LES
EMPLOYÉS DU SECRÉTARIAT
DE L'UNION SAINT-PIE X

font part avec tristesse du décès de

## Monsieur Jean FALTZ

*Réviseur de caisse depuis 2006*

L'Union Saint-Pie X a perdu un précieux collaborateur, qui a réalisé sa mission avec rigueur, méthode et droiture en tant que vérificateur de la trésorerie.

A sa famille en deuil, nous présentons nos sincères condoléances et garderons du cher défunt un souvenir ému et inaltérable.

Merci Jean !

LES MEMBRES DU COMITÉ CENTRAL,
LES DÉLÉGUÉS RÉGIONAUX ET LES
EMPLOYÉS DU SECRÉTARIAT
DE L'UNION SAINT-PIE X

font part avec tristesse du décès de

## Monsieur Georges KUFFER

*Délégué régional de 2002 à 2003*
*Trésorier général de 2004 à 2010*

L'Union Saint-Pie X a perdu un précieux collaborateur, qui s'est distingué par son savoir-faire en faveur de la Fédération et qui a géré la trésorerie avec méthode et rigueur.
Nous garderons de lui un souvenir ému et inaltérable et présentons à sa famille en deuil nos très sincères condoléances.

Merci Georges !

BICHLER-FEYDER Brigitte –
membre actif et ancienne trésorière de la 'Chorale Ste-Cécile Elleng'; membre actif des 'Chorales Réunies A.E.M.'

BIEWER Roby –
membre actif durant plus de 50 ans, membre du comité et organiste de la 'Chorale Ste-Cécile Élwéngen-Éimeréngen'

COLBACH René –
membre actif de longue date, chef de chœur, président et président d'honneur de la 'Chorale Ste-Cécile Hiefenech; membre actif, chef de chœur, président et président d'honneur du 'Mëllerdaller Männerchouer'

FALTZ Jean –
membre actif et trésorier de la 'Chorale St-Joseph Déifferdeng-Fousbann'

FAUST Jean-Pierre –
membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Lellig'

GEORGES-RAMPINI Celi –
membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Rodange'

GERSON Josy –
membre actif de longue date de la 'Chorale Municipale Wooltz'

HAVÉ-SCHMIT Maisy –
marraine du drapeau de la 'Chorale Ste-Cécile Éiter-Schraasseg'

HOFFMANN-Munhoven Denise –
membre actif de longue date de la 'Chorale St-Joseph Déifferdeng-Fousbann'

HOLTZEM Johny –
organiste titulaire de longue date à Frisange et à Hellange

JUNCKER Alphonse –
ancien membre actif et secrétaire de la 'Chorale Cantabilé Fenteng'

KLOPP Roger –
membre actif depuis 1967, membre du comité, président, président d'honneur et acteur de la 'Chorale Ste-Cécile Stroossen'

KUFFER Georges –
membre actif de longue date, chef de chœur durant 33 ans et chef de chœur honoraire de la 'Chorale St-Joseph Fousbann'

LUX Nic –
réviseur de caisse depuis 1996 de la 'Chorale Ste-Cécile Garnich-Duelem'

MARTIN-WEIDERT Marie-Thérèse –
membre actif de longue date et ancienne secrétaire de la 'Chorale Ste-Cécile Bouneweg'

MARTINY Roger –
ancien membre actif des 'Chorales réunies Biekerech-Rippweiler-Schweecherdaul'

NEU Johny –
membre actif de 1956 à 1993 de la 'Chorale Knaphouschent-Selschent; membre actif de 2014 à 2020 de la 'Chorale Béigen-Lëllgen-Stackem'

NICOLA Charles –
chef de chœur de longue date et membre du comité de la 'Chorale Ste-Cécile Bech'

PAULUS Mariette –
membre actif des 'Chorales réunies Manternach-Lellig'

REINERT Pierre –
membre actif de 1949 à 2009 et président de 1975 à 1989 de la 'Chorale Ste-Cécile Consdorf'

REISDORFFER Victor –
membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Uespelt'

ROCK Norbert –
membre actif depuis 1946, président de 1979 à 2000 et président d'honneur de la 'Chorale Ste-Cécile Beyren'

ROLLINGER-SCHONS Netty –
membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Gouschteng'

SASSEL Françoise –
membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Béigen-Lëllgen-Stackem'

SAUBER-WELTER Jeanny –
membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Briddel'

SCHALZ Mady –
membre actif et membre du comité de la 'Chorale Sängerbond Fouhren'

SCHICKES René –
membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Clierf'

SCHICKES Roger –
ancien membre actif de la 'Chorale Tratten' et de la 'Chorale Béigen-Lëllgen-Stackem'

SCHILL Jos –
ancien membre actif (depuis 1938) de la 'Chorale Ste-Cécile Machtum'

SCHLIMM Johny –
secrétaire de 1997 à 2017 et acteur durant 40 ans de la 'Chorale Municipale Wooltz'

SCHMITZ Eugène –
ancien membre actif et membre du comité de la 'Chorale des Exilés'

SCHRANK Guillaume –
membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Lamadelaine'

SCHROEDER Georges –
membre actif de longue date, ancien président et parrain du drapeau pour le centenaire de la 'Chorale Ste-Cécile Réiser-Krautem'; membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Sandweiler'

THOMMES-WEBER Vicky –
membre actif de longue date de la 'Chorale Ste-Cécile Ueschdref-Bilschdref'

WINANDY John –
ancien membre actif du 'Sängerbond Bruch'

ZENNER Roby –
membre actif et président de la'Chorale Cäcilia Déifferdeng'

LES MEMBRES DU COMITÉ CENTRAL, LES DÉLÉGUÉS RÉGIONAUX ET LES EMPLOYÉS DU SECRÉTARIAT DE L'UNION SAINT-PIE X

font part avec tristesse du décès de

**Monsieur Roby ZENNER**

*Membre du Comité Central de 1992 à 1996*
*1er Vice-président de 1997 à 2001*
*Président de 2002 à 2010*


L'Union Saint-Pie X a perdu un ancien collaborateur, qui s'est distingué par son dévouement et son engagement dans ses missions au service du chant d'une façon générale qu'il a assumées avec rigueur et compétence.

Nous garderons de lui un souvenir inaltérable et présentons à sa famille en deuil nos très sincères condoléances.

Merci Roby !

KOMPONIST - PIANIST - DIRIGENT - MUSEKSPEDAGOG

# De Pierre Nimax sr. ass gestuerwen



Den 19. Januar 2021 ass de Pierre Nimax sr., Lëtzebuerger Komponist (vun Operetten, Sakralmusek a Wierker fir Harmonieorchester), Museks- a Chouerdirigent, Pianist, Musekspedagog an Auteur vu ville musikalesche Léierbicher, am héijen Alter vun 90 Joer gesturwen.

Hien hat eng Formatioun als Orchesterchef um Conservatoire Royal zu Bréissel gemaach nieft enger Pianosformatioun zu Köln an enger als Harmonie-Orchesterchef zu Trossingen.

Vun 1953 bis 1971 huet de Pierre Nimax Coursen am Stater Conservatoire ginn. Vun 1972 bis 1977 war hien Direkter vun der Ettelbrécker Museksschoul. Hie war vun 1971 bis 1986 Dirigent vun der Lëtzebuerger Militärmusek, a war den éischten Dirigent deen net aus der Arméi koum. 1989 war hie Matgrënner vum „Lëtzebuerger Männerchouer 1989" vun deem hien artisteschen Direkter war. Och war hie geleeëntlech Pianist beim „Quatuor Vocal Du Luxembourg". Ganz houfreg war den Här Nimax op seng Funktioun als „Maître de Chapelle de la Cour Grand-Ducale".

De Pierre Nimax hat vill Sympathien och fir de Piusverband. Hie war ganz oft a senge Generalversammlungen an op ville vu senge Concerten. Duerfir ass et net verwonnerlech, datt hien 2016 beim Kompositiounsconcours fir liturgesch a sakral Chouermusek vum Zentralcomité als Jury-President gefrot gouf. Merci Här Nimax fir Är spontan Zouso!

De Pierre Nimax, e villsäitegt Talent, en devouéierten an aussergewéinleche Lëtzebuerger Museker, konnt seelen nee soen. Ëmmer wann hie fir Musek gefrot gouf, war hien derbäi. Esou ass een enorme Wierkkatalog entstanen, e Fundus u Musek, vun dem Chéier an Harmonieorchestere profitéiere kënnen.

**Albert BRAUCH**

# D'Ufäng vum Magnificat zu Lëtzebuerg

Gebiet- a Gesangbicher hunn eng laang Traditioun an der kathoulescher Kierch a virun allem an der Lëtzebuerger Kierch. Si hunn zu villen ënnerschiddleche Momenter an Evenementer de Repertoire vun de Choralle an der Assemblée gepräägt. Mee wéini tauchen déi éischt Gebiet- a Gesangbicher an der Lëtzebuerger Kierch op?

Haut kenne mir dës Bicher hei zu Lëtzebuerg ënnert dem Numm Magnificat. Den éischte Magnificat gouf 1912 gedréckt. Firwat dësen Numm gewielt gouf, läit virun allem an der Verbonnenheet vun der Lëtzebuerger Kierch mat der Muttergottes Maria. Den Numm féiert äis zur biblescher Zeen aus dem Lukasevangelium, wou Maria hir Cousine Elisabeth besicht. Nodeems d'Elisabeth Maria begréisst huet, stëmmt dës e Lueflidd un a séngt: „Magnificat anima mea Dominum" („Meine Seele preist die Größe des Herrn"). Esou wëll d'Lëtzebuerger Kierch mat Maria den Här luewen. Lëtzebuerg steet heibäi a gudder Traditioun, well wéi huet schonns de Kierchepapp Ambrosius ( ?-387) gesot: „Sit in singulis Mariae anima, ut magnificet Dominum; Sit in singulis spiritus Mariae, ut exsultet in Deo!" „In einem jeden von uns lebe die Seele Marias, damit er den Herrn lobpreise! In einem jeden lebe der Geist Marias, damit er frohlocke über Gott, unseren Heiland".[1]

Virun dësem éischte Magnificat gouf et awer schonns eng Rei aner Gebiet- a Gesangbicher an der Lëtzebuerger Kierch; dat éischt offiziellt gouf virun iwwer 170 Joer publizéiert. Ënnert dem Numm Himmelsharfe gouf d'Buch 1846 zu Oochen gedréckt, nodeems Lëtzebuerg 1840 zum Apostoulesche Vikariat erhuewe gi war. Vum Däitsche Joseph von Orsbach zesummegestallt an vum V. Bück verluecht ass et dat éischt Kierchelidderbuch fir d'Apostoulescht Vikariat. Den Apostoulesche Vikar Jean-Theodore Laurent huet d'Buch approbéiert a bestätegt, datt et e „wirklich katholisches"[2] ass. Aus dësem éischte Gesangbuch fir d'Lëtzebuerger Kierch hu bis haut nach eng Partie Lidder iwwerlieft. Esou hu sech 6 Lidder all déi vergaange Jore bis an de Laudate Dominum gehalen, z.B.: „Ein Kind geboren zu Bethlehem"; „Kommt und lobet ohne End"; „Tauet Himmel den Gerechten" etc. Beim Lidd „Ein Stern ging auf im Osten" gëtt d'Himmelsharfe



esouguer explizitt als Ursprong vum Text an der Musek erwäänt, deemools nach mat 10 Strophen. D'Himmelsharfe gouf 1846 als rengt Textbuch an 1847 1-stëmmeg publizéiert. D'Muttergotteslidder haten an dësem Buch e besonnesche Stellewäert a waren als eegenen Deel dem Lidderbuch bäigefüügt. De leschten Deel war en Anhang mam „Kern katholischer Gebete"[3], esou datt d'Himmelsharfe als éischt Lëtzebuerger Gesang- a Gebietbuch ugesi ka ginn.




1867, dräi Joer virun der Erhiewung vu Lëtzebuerg zur Diözes, gouf am Optrag vum Apostoulesche Vikariat en neit Gesang- a Gebietbuch erausginn. Gedréckt a verluecht gouf et vum B. Bück. D'Virwuert an d'Approbatioun si vum Nikolaus Adames. Just e puer Joer méi fréi krut Lëtzebuerg säin eegene Proprium. Leider kann den Developpement vun dësem Buch net genau erëm gi ginn. Et schéngt awer, wéi wann deemools sehnsüchteg op dëst Buch gewaart gouf. Schonns 1861 sinn d'Aarbechten um Buch ugelaf. An engem Hierdebréif vum 23. Januar 1861 fuerdert den Nikolaus Adames: „Da eine neue Auflage unseres Kirchenliederbuches ‚Himmelsharfe' notwendig geworden ist, so bitte ich die HH. Pfarrer mir recht bald Text und Melodie jener alten Kirchenlieder zu übersenden, welche früher, vor der Herausgabe der ‚Himmelsharfe', in den Pfarreien üblich waren". Eng Kommissioun vu 5 Persoune gouf fir d'Auswiel vun de Lidder ernannt, zu där och de bekannte Komponist an Titularorganist vun der Kathedral Heinrich Oberhoffer gehéiert huet, wéi aus engem Bréif un den Franz Xaver Witt vun 1869 ze liesen ass. An dësem Gesang- a Gebietbuch sinn eng Partie Lidder enthalen, déi nach haut gesonge ginn (z.B.: „Alles meinem Gott zu Ehren"; „Singt: heilig, heilig, heilig" etc.). Mat 439 Säiten an 193 Lidder war et e gutt Stéck

1 Den Ambrosius gouf zitéiert vum Lommel, Leo: Geleitwort. In: Magnificat. Gebet- und Gesangbuch für die Diözese Luxemburg. Herausgegeben im Auftrag des Hochwürdigsten Herrn Bischofs von Luxemburg. Luxemburg: Sankt Paulus-Druckerei, A.G. 1964, S. 6.


2 Laurent, Jean-Théodore: Approbation. In: Himmelsharfe. Katholisches Kirchenliederbuch, auch zum häuslichen Gebrauch. Luxemburg 1846, bei V. Bück, Nachfolger von J.P. Kuborn. Aachen: M. Ulrichs Sohn, o. S.

3 Titel, wéi en an der „Himmelsharfe" op der Säit 3 vum Anhang gebraucht gëtt.

méi grouss wéi d'Himmelsharfe. Als Begleetpublikatiounen goufen eng 4-stëmmeg Ausgab (1868), esou wéi eng Ausgab mat ausgewielte Lidder fir 2-stëmmege Kannerchouer (1876) publizéiert. Dës 4-stëmmeg Ausgab vun 1868 begrënnt zugläich d'Traditioun vum Diözesangesangbuch, dat fir d'Chéier geduecht war an 1961 seng lëscht Oplag hat.




1894 krut d'Diözes Lëtzebuerg e weidert Gesang- a Gebietbuch. Dëst war als zweet Oplag vum 1867 publizéierte Buch ze verstoen, wéi de Bëschof Jean-Joseph Koppes am Virwuert schreift. Deemools huet niewent dësem nei publizéierte Gesang- a Gebietbuch keen anert méi dierfe bei ëffentlechen Andachte benotzt ginn, wéi de Bëschof Koppes an sengem Virwuert schreift. Et ass dat éischt Gesang- a Gebietbuch, dat vun der St. Paulus Gesellschaft gedréckt an verluecht gouf. D'Säitenzuel ass weider op 449 Säite geklommen an 200 Lidder waren am Buch. Bis 1912 war dëst Gesang- a Gebietbuch am Gebrauch, éier 1912 den éischte Magnificat erauskoum.
Parallel gouf en neit 4-stëmmegt Diözesangesangbuch ausgeschafft a publizéiert. A béide Bicher sinn déi selwecht Lidder enthalen. Well 1893 d'Diözesangesangbuch vun 1868 schonns méi wéi 10 Joer vergraff war, gouf den Heinrich Oberhoffer schonns e puer Joer virdrunner beoptraagt, en neit Diözesangesangbuch ze erstellen. Mat deem Buch sollt der verännerter kierchemusikalescher Situatioun, virun allem am Bezuch op d'Chorallen, Rechnung gedroe ginn an „untaugliche Melodien"[4] ersat ginn. Allerdéngs ass den Heinrich Oberhoffer 1885 verstuerwen éier d'Buch färdeg war an esou huet säi Schüler, de Maître Peter Alois Barthel, Dirigent vum Doumchouer, d'Aarbechten iwwerholl an d'Diözesangesangbuch färdeg gestallt. Dës 4-stëmmeg Ausgab déi am Ausland als gelongen empfonnt gouf, koum 1894 als Begleetpublikatioun parallel zum neie Gesang- a Gebietbuch eraus. Weider Begleetpublikatioune sinn: eng 1-stëmmeg Ausgab vun den däitsche Lidder fir d'Schouljugend (1894) an eng Auswiel vun däitschen an laténgesche Lidder an 2-stëmmeger Ausgab (1897).




Op de weidere Verlaf an d'Traditioun vun de Lëtzebuerger Gesang- a Gebietbicher an hir jeeweileg Begleetpublikatiounen ginn ech an der nächster Ausgab vum Canticum Novum an.

**Marc LOEWEN**

4 Aus engem Manuskript vum Heinrich Oberhoffer, zitéiert an: Barthel, P.: Kirchenmusikalisches. Die Wiederauflage des Luxemburger Diözesan-Gesangbuches. Am: Luxemburger Wort, 46 (1893), 28+29, S. 2.


**Nei um Bichermaart**


# LIVRE ANNIVERSAIRE
# "50 Joer Piusverband"

**INHALT ë.a.**

Chronik 1969-2009 & 2010-2019
Kierchemusek zu Lëtzebuerg: gëschter-haut-muer?
All Manifestatiounen am Jubiläumsjoer 2019
240 Säiten – Héichformat: 27,5 x 22,5 cm


► **D'Buch kann een ofhuelen um Verbandssekretariat: 50 €**
► **oder bestellen iwwer (CCPL) LU97 1111 0404 8637 0000 vum Piusverband: 56 € heemgeschéckt**

# Repertoireëmfro



Enn Januar kruten d'Korrespondente vun eise Kierchechéier Post: e Formulaire, an deem de Piusverband zesumme mat der Diözesankommissioun „Magnificat" gefrot huet, wat fir Stécker aus den aktuelle Gesangbicher („Magnificat" a „Laudate Dominum") an hire Kierche gesonge ginn. Mat dëser Ëmfro soll erausfonnt ginn, wat am neie Magnificat, un deem geschafft gëtt, sécher muss dra sinn a wat sech aus dem Choix vu Stécker, deen de Magnificat an de Laudate bidden, net konnt etabléieren. Donieft ass och no Virschléi gefrot ginn: wat fir al Stécker feelen, wat fir nei Stécker missten derbäi kommen. De selwechte Formulaire ass och gläichzäiteg vun der Bistumsverwaltung un all Geeschtlech erausgeschéckt ginn.

Bis Enn Mäerz sinn 104 Äntwerten erakomm; et waren e puer méi kuerz oder och laang Commentairen zum Magnificat-Projet u sech, vill Proposë mat Nouteblieder an ëmmerhi 96 ganz ausgefëllte Formulairen aus dem ganze Land. Et wäert kee wonneren, dass „O Mamm, léif Mamm" an „An der grousser, hellger Nuecht" sech déi éischt Plaz am Klassement deelen. Intressant ass awer och, dass vun den 963 Stécker an der Tabell 44 anscheinend néierens gesonge ginn, 51 nëmmen op enger Plaz, 52 just op zwou.



Wéi vill Stécker aus den zwee Bicher gi gesongen? Hei variéieren d'Äntwerten ëmmerhin tëschent 87 an 583! Bei dëser Ëmfro ass et natierlech ëm de Gebrauch vun de Gebiet- a Gesangbicher gaangen, also éischter ëm de Repertoire vun der Assemblée wéi ëm dee spezielle vum Chouer. Dofir war gefrot ginn, dass deen de Formulaire ausfëllt, deen normalerweis de musikalesche Programm vun den Déngschter opstellt; wien dat ass, wollte mir aus Dateschutzgrënn net wëssen.

Mir soen all deene Merci, déi sech d'Aarbecht gemaach hunn, d'Bicher duerchzebliederen a Kräizercher ze maachen. Méi Detailer iwwer beléiften oder onbeléifte Stécker komme sécher nach an den nächsten Nummere vum CN. Mee wann Äre Formulaire nach net ausgefëllt doheem oder um Duxall läit: et ass ni ze spéit, mir si frou iwwer weider Äntweren, déi äis e méi präziist Bild vun der Lëtzebuerger Kierchemusek ginn.

**Laurent WILLKOMM**

# En 100. Anniversaire am Joer 2020

Als alleréischt hoffe mer, dass jiddereen deen dëst liest, wuel a monter ass.

Am Joer 2019 hu mir, d'Chantres de St-Joseph vun Zéisseng ugefaang mat plange fir eisen 100e Anniversaire. E grousst Fest sollt et ginn, sech iwwer 2 Joer erstrecken, vu Mee 2020 bis August 2021, mat 2 grousse Concerts spirituels, enger feierlecher Radiosmass, engem Adventsconcert mat engem renomméierte Jugendchouer, enger genausou feierlecher Kiermesmass, an als groussen Ofschloss nach eng feierlech Mass den 15. 8. 2021.

Am neie Joer 2020, no der Generalversammlung am Februar, sollt seriö ugefaang gi mat prouwe fir de Concert spirituel am Mee 2020, mat 5 aner Chorallen. Vill Gedanke goufe sech scho gemaach, mat deenen anere Chéier geschwat. Mir hunn ugefaang äis ze freeën op e schéinen, spezielle Concert.

Mëtt Mäerz war dunn awer op emol alles anescht; mir sinn an eiser Virfreed voll ofgebremst ginn: Keng Prouwe méi, kee Kontakt méi mat de Sängerfrënn. Op eemol huet et geheescht: „Bleift doheem!" Lockdown, Aerosolen, Sangen ass geféierlech, alles ofgesot. Wat maache mir op eemol mat deem fräien Owend, wou soss ëmmer Prouf war? Wéi soll et deenen anere wuel goen? Zoom-Prouwen? Wann et scho Luxus ass, wann d'Sänger Maile liesen oder mam Handy eens ginn... Also näischt esou! Bréiwer si geschriwwe ginn. Mat „Bleift gesond" hu se all opgehalen. Voice-Maile sinn opgeholl a verschéckt ginn, fir iwwert d'Karwoch, Ouschteren an d'Oktav e bësse Chou-




erfeeling an d'Stuff ze bréngen, zumindest bei déi, di se lauschtere konnten. Fir Leit ouni Internet oder Handy eng Katastroph. Keng Massen a keng Prouwen.

De Concert spirituel vum 13.5.2020, d'Kiermesmass an den Adventsconcert vum Dezember 2020 hu missen ëm mindestens e Joer no hanne geréckelt ginn. Di feierlech Radiosmass, déi den 28.6.2020 sollt sinn, ass op den 6.12 verluecht ginn. De Motto ass vu „feierlech" op „dankbar, dass mer iwwerhaapt duerfe sangen" ëmgedeeft ginn.

No a no duerfte mer iwwert de Summer nees Masse sangen. Fir d'Prouwe gouf op de September gehofft. De 14. September 2020 hunn d'Prouwen dunn och nees ugefaang. Erëm en neit Wuert koum an eise Wortschatz: „Sanitärkonzept." D'Prouwe kruten eng nei Nues: zwou Gruppe sinn agedeelt ginn. All Kéier goufe Fotoe gemaach, fir ze kucke wien niewent wiem souz, op 2m Distanz. Um Programm vun dëse spezielle Prouwe stoung op eemol net méi en usprochsvolle 4stëmmege Programm, mee d'Lidder déi an der Samschdesowesmass gesonge ginn.

Mir ware frou erëm e bëssen zesummen ze sinn, wann och separat an den 2 Gruppen. Et huet erstaunlech gutt geklonge mat den Distanzen. Jiddereen huet sech selwer besser héieren. D'Freed fir dat Einfacht schéin ze sange gouf nei entdeckt an appreciéiert. Et war schonn e bëssen ustrengend no där 1. Grupp alles ze desinfizéieren, bei opgerappte Fënsteren, fir dass di 2. Grupp aerosolfräi konnt prouwen. Esou konnte mir dann e puer Masse preparéieren, wéi z.B. d'Mass fir d'Journée commémorative, Allerhellegen an Cäciliendag, wou all Kéier den ageprouften einfache Programm aus de Bänke vun der Kierch mat de Leit a mat de Maske konnt virgedroe ginn.



D'Cäcilieniessen huet och bei jiddwerengem doheem stattfonnt, gesponsert awer vun de Chantres mat engem Bong vum übleche Fournisseur, dem Metzler bei der Zéissenger Kierch.

Wéinstens d'Radiosmass ass aus dem ursprénglleche Programm nach erhale bliwwen. Mir hunn all eist Häerz an Dankbarkeet do drageluecht. Schéin dass mir bei där Geleeënheet duerfte sangen, wann och mat deene scho gewinnte Masken. Mëttlerweil wousst een, mat wéi enger Mask de Bräll am mannsten ugelaf ass oder wou een net allze vill d'Gefill hat ze erstécken. Dass des Radiosmass vum 6.12 awer eise leschten Optrëtt fir 2020 sollt sinn, wousste mer zu dem Zäitpunkt nach net.

Nach en neit Wuert: well den traditionellen Hierkenowend ausgefall war, hu mir „Hierken Doheem" erfonnt. Verschidde Comitésmemberen si mat den Hierken, vum Zéissenger Metzler preparéiert, bei d'Memberen heemgefuer, ënnert dem Respekt vun allen hygienesche Bedéngungen.

De groussen Theatercoup an Donnerschlag mat deem d'Joer 2020 da fir d'Chantres opgehalen huet, koum kuerz viru Chrëschtdag. Mir haten e Begriefnis gesongen. Op eemol huet et geheescht, dass eng vun eise Sängerinne positiv getest gi wär. Mir haten all Masken un a stoungen 2m auseneen, also kee Problem. Oder dach? Mir hunn äis un eist faméist „Sanitärkonzept" erënnert. Do stoung kloer dran: wann e positive Fall an eise Reien optrëtt, gëtt alles gestoppt. Also dann... den Timing war zwar denkbar schlecht, mä mir sinn äis konsequent bliwwen: All Sänger, déi den Dag vum Begriefnis mat eisem positive Fall zesumme gesongen haten, waren a Quarantaine gesat. Kee Gesangveräin an der helleger Nuecht! „Du jamais vu" an der Nokrichsgeschicht vun eisem Veräin. An dat am 100e Anniversaire's Joer! Den Här Paschtouer hat du mat alle Kierchegänger zesumme gesongen, an zesumme mam Organist koum nawell eppes Schéines dobäi eraus. Di üblecht kleng Chrëschtcadoen, déi ëmmer no der Mass vun Hellegowend ausgedeelt goufen, sinn dunn, mat vill Léift schéi verpaakt, heem geschéckt ginn.


Mee de Sanitärkonzept huet sech bewäert: ausser deem enge Fall huet keen anere Sänger sech ugestach an der betraffener Sängerin geet et erëm gutt.

Wéini mir elo nees kënnen ufänken ze prouwen an eise Centenaire richteg feieren, steet an de Stären. Eise Chouer huet zënter senger Grënnung 1921 scho munch Kris iwwerstan. Mir sinn iwwerzeegt, dass mir och dës Sanitärkris iwwerstinn. Et war ëmmer dem Engagement vun de Memberen ze verdanken, dass d'Chantres schonn esou laang bestinn. Merci alle Leit, déi hiert Kënnen an hir Zäit an den Déngscht vun engem Chouer gestallt hunn an ëmmer nach stellen.

**Pascale PHILIPPY**
am Numm vum Comité
vun de Chantres de St-Joseph



# Prouwen a Coronazäiten?



Zënter engem Joer huet d'Pandemie d'Liewen an eise Choralle béis getraff. Jiddweree freet sech, ob an ënner wat fir Konditiounen ee prouwe kann. Wann dës Nummer erauskënnt, si vläicht schonn aner Reglementer a Kraaft wéi dee Moment, wou dat hei geschriwwe gëtt. Dofir hei just e puer Adressen am Netz, fir déi wichteg Informatiounen ze fannen.

## Däerfe mer prouwen?

D'Gesetzestexter fannt Dir am séierste mat enger Sich no „Loi Covid" op legilux.public.lu. Liest léiwer den Texte consolidé, wann Dir Iech net wëllt duerch all Ännerunge wullen. Speziell Bestëmmunge fir „activités récréatives" si momentan net méi dran, fir Prouwe gëllen also déi selwecht Restriktioune wéi fir aner „rassemblements."

De Site vum Kulturministère (https://mc.gouvernement.lu/fr/dossiers/2020/Coronavirus_FAQ_secteur_culturel.html) gëtt Iech sektoriell Informatioune. Mëtt Mäerz fanne mir hei: „La pratique artistique récréative et d'amateurs, de même que les activités pédagogiques au sein des institutions seront autorisées jusqu'à quatre personnes sans obligation de port de masque et de distanciation interpersonnelle. Elle sera autorisée jusqu'à 10 personnes avec l'obligation du port de masque et de distanciation interpersonnelle de deux mètres. Elle sera autorisée jusqu'à 100 personnes sous condition que les personnes se voient assigner une place assise et maintiennent une distance interpersonnelle de deux mètres."

Déi kierchlech Bestëmmunge fannt Dir op https://www.cathol.lu/aerzdiozees-archidiocese/kierch-coronavirus-eglise-coronavirus/matdeelunge-vum-aerzbeschoflechen-ordinariat-communications-de-l-administration-diocesaine/

## Kënne mer prouwen?

Ob Dir mat dësen Distanzbestëmmunge prouwe kënnt, hänkt vun der Gréisst vum Proufsall a vun der Chorale of; also nomoossen a Still setzen!

## Solle mir prouwen?

Wéi geféierlech ass Sangen dann elo? Doriwwer ass am Laf vum Joer vill geschwat a geschriwwe ginn, an d'Informatiounen an d'Risikobewäertunge si wäit ausenee gaangen. E Site mat ganz vill Linke fannt Dir hei: https://aerosole.net/start. Bei dëser „Materialsammlung für Sänger*innen und Chöre" gëtt et Verweiser op d'Richtlinne vu verschiddene Chouerverbänn, eng grouss Sammlung vun Artikelen an de Medien, virun allem awer eng schéi Kollektioun vu wëssenschaftlechen Artikelen iwwert d'Aerosolproduktioun a -verbreedung beim Sangen!

Hei fannt Dir also vill Informatioun iwwer d'Sangen a Coronazäiten. Ofweien, wat ee maache kann a wëll, d.h. wéi vill Risiko ee wëllt agoen, muss natierlech jiddweree selwer decidéieren..

**Laurent WILLKOMM**

# LA NOTION DE L'UNITÉ PSYCHOPHYSIQUE

Il s'agit ici d'une notion qui a été introduite par Frederick Matthias Alexander (1869-1955)[1] qui disait qu'on ne peut séparer le versant physique du versant mental (« so-called physical side and so-called mental side »).

En analysant en détail le système biologique et psychologique qu'est l'être humain, j'ai découvert que l'unité psychophysique d'Alexander devrait en réalité être divisée en trois sous-ensembles. J'ai, par conséquent, fait le choix d'ajouter le versant des sentiments, qui sont d'ordre ni purement psychique[2] ni purement corporel[3] . On pourrait en effet dire que les sentiments permettent d'établir une liaison entre les deux pôles opposés que sont le corps et la pensée, car ils ont un côté physique autant qu'un penchant vers le psychisme.

J'ai fait le choix de les considérer séparément, car les sentiments jouent un rôle considérable dans l'enseignement musical. En effet, une bonne connaissance des différents aspects y liés permet à l'enseignant, autant qu'à ses élèves, de mieux gérer les bienfaits et les problèmes qui peuvent en émaner et est moins limitative qu'une réduction au seul aspect psychophysique.

Le schéma suivant nous permettra de mieux situer les différents éléments qui nous intéressent ici. Notons dès le début que la « zone de combat » (orange) y représentée n'est que rarement située au milieu de notre unité psychophysique





Figure 1 : L'unité psychophysique


et que l'enseignant, autant que l'élève, doivent tenter à installer et sauvegarder cet équilibre durant leur travail vocal.

L'être schématisé ci-dessus est « centré ». Son unité psychophysique est en équilibre. Il peut ainsi (ré-)agir avec un maximum de liberté et il est au maximum de ses possibilités créatrices. S'il est chanteur, son instrument est « bien accordé » et parfaitement fonctionnel.


Cependant et malheureusement, nous nous trouvons bien – pour bon nombre de nous beaucoup trop – souvent en situation de déséquilibre. En voici des exemples pris au hasard :




La zone de combat vire au rouge si nous nous laissons emporter par nos sentiments, si nous piquons une crise de colère, si nous avons peur, si nous sommes paralysés par le trac, une douleur, un deuil, si nous paniquons ou si nous sommes euphoriques. Très souvent, ces sentiments sont directement liés à une réaction corporelle, avec par exemple des hormones qui entrent en jeu.




La zone de combat vire au vert si nous sommes victimes d'un malaise corporel ou d'une maladie physiologique, si nous ne pouvons pas nous mouvoir tels que nous le voudrions bien, si nous sommes obligés de garder notre corps dans une position inconfortable ou si nous voulons persister dans une posture qui nous plaît mieux qu'à notre physionomie, si nous avons faim, chaud ou froid. Dans tous ces cas nous réagissons en fonction de signaux provenant de nos organes sensoriels. Le corps prend alors le dessus et « décide ».




La zone de combat vire au bleu si par exemple nous voulons tout contrôler, si nous sommes sur le point d'analyser, voire de jouer en « lecture à vue » une œuvre musicale trop difficile, si nous

[1] Pour en apprendre plus sur ce personnage et/ou la méthode qu'il a développée, il suffit d'utiliser des moteurs de recherches sur Internet. Prenons comme point de départ l'article Wikipedia anglais, qui entre bien dans les détails du sujet : https://en.wikipedia.org/wiki/F._Matthias_Alexander

[2] Les sentiments sont autant tributaires des stimuli extérieurs interprétés par nos sens (un élément corporel évident si nous en considérons les organes) que d'un nombre variable d'hormones dont le dosage est effectué par une partie « non pensante » de l'encéphale.

[3] Le psychisme y a son mot à dire sans en être totalement le maître.

pensons à un problème survenu au cours d'une répétition, songeons aux conséquences de quelques-uns de nos actes, essayons de comprendre ce qui vient de se passer ou tentons de prévoir le futur. Si cette situation peut sembler favorable à d'aucuns, elle ne l'est pourtant que dans des situations exceptionnelles qui ne doivent pas perdurer.

Très souvent les choses ne sont pas aussi faciles à analyser et deux modes peuvent opérer de pair, « conspirer » contre le troisième.

Nous sommes alors en présence de prédominances que je nommerai psycho-sensuelle, psycho-corporelle et « animalière ». L'équilibre peut être gravement perturbé selon les personnes, les moments, les situations ou les activités considérés. S'y ajoute le fait qu'une coalition est toujours difficile à faire tomber par une minorité et qu'uniquement une avance technique, issue d'une complète remise en question de la situation, peut en venir à bout. La force n'est en effet pas envisageable dans ce cas d'espèce.

Voyons donc quelles pourraient être ces coalitions possibles : Très souvent, pensée et sentiments opèrent de pair et deux cas d'espèce peuvent être distingués dans ce type de coalition :





Figure 3 : Unité psychophysique à prédominance psycho-sensuelle

Des sentiments peuvent être déclenchés par des pensées : une peur déclenchée par des pensées « noires », des analyses pessimistes d'événements survenus, une joie démesurée due à des pensées hautement optimistes, le trac, allant de pair avec ses sentiments de peur et d'insécurité déclenchés par la seule pensée de ne pas réussir sa tâche, tout en sachant qu'en principe tout devrait être en ordre.

Des pensées peuvent être déclenchées et orientées par des sentiments, des intuitions : une per-sonne qui ne se sent pas bien et qui, à partir du moment où elle commence à penser à toutes les maladies possibles ou impossibles qu'elle pourrait avoir, risque de plus en plus la dépression ner-veuse ou le chanteur qui, ne se sentant pas à l'aise, se bloque de plus en plus en voulant contrôler cette situation par un travail uniquement cérébral.

Sentiments et pensée peuvent donc s'influencer mutuellement dans une spirale qui risque de consolider de plus en plus cette coalition qui met en péril l'unité psychophysique. Non connectée aux réalités imposées par notre présence physique, cette coalition est à proscrire, car elle ne mène à rien qui puisse aboutir.

Corps et pensée peuvent aussi s'allier et former une coalition s'opposant aux les sentiments :

Il s'agit ici d'une tactique souvent employée dans l'enseignement ou les arts représentatifs tels que le théâtre, l'opéra, le concert rock…. Le cerveau dicte au corps ce qu'il doit faire et permet ainsi de simuler des situations plausibles





Figure 4 : Prédominance psycho-corporelle

mais non réelles sur le plan des sentiments véridiques. On est capable ainsi de simuler des sentiments qu'on n'a pas réellement. Les acteurs, musiciens et chanteurs, par exemple, peuvent utiliser ce stratagème pour véhiculer des sentiments souvent extrêmes vers leur public, tout en protégeant leur instrument et leur corps des résultats que cet outrage pourrait avoir sur ces derniers. Ainsi par exemple un chanteur peut-il exprimer au moyen de sa voix une détresse extrême qui, si elle prenait part entière de sa personne en étant sincèrement ressentie, casserait littéralement sa voix.

Dans ce contexte, je me rappelle la situation où une mes partenaires musicales, tournant les pages de mon pianiste accompagnateur durant un récital avec des Lieder de Richard Strauss, a quitté la scène avec nous avec des yeux tout en pleurs. L'interpellant à ce sujet dans les coulisses, elle m'a demandé comment j'ai fait pour ne pas succomber vocalement en chantant tous ces textes dont la tristesse extrême lui a fait cet effet qui lui aurait ravagé tous ses moyens vocaux, si, au lieu de les lire calmement durant le concert, elle aurait essayé de les chanter. J'ai pu lui répondre que, le génie du compositeur aidant, j'ai juste eu à me contenter de transporter par une technique solidement installée ce que Strauss a su greffer sur ces poèmes. En nous laissant emporter par les sentiments, ni moi, ni mon pianiste, n'aurions réussi à véhiculer les sentiments ainsi codés dans les partitions.

C'est donc en connaissant les sensations, qu'on a bien sûr ressenties en bien d'autres moments, et en gérant cérébralement les moyens corporels à déployer pour réussir à les exprimer d'une manière convaincante, que le cerveau peut diriger le corps vers une interprétation des sentiments tout en s'en protégeant. Il faut toutefois noter qu'il s'agit ici d'un artifice technique, d'un remède, dont l'interprète doit à tout moment rester conscient.

Il nous reste une troisième spirale, fréquemment décelable dans nos sociétés. En excluant la pensée de ses activités l'homme se met à agir avec une prédominance animalière, une attitude qui lui permet, s'il est chanteur, d'entrer en contact avec la « partie instrument de musique » de son corps en tournant le dos à l'interprète musical (figure 5).

Ce dernier aspect est particulièrement intéressant pour nous. L'intellect ayant besoin de bien connaître les deux autres pôles s'il veut les gérer en connaissance de cause, un apprentissage purement intellectuel ne pouvant se faire sans prendre en considération l'instrument-chant (le corps) et les sentiments qui influent sur ce dernier dès qu'il est mis en jeu.

C'est en effet en regardant de loin comment le corps agit en se laissant diriger par les sentiments, que l'intellect peut apprendre comment l'instrument-chant fonctionne. Laisser faire pour découvrir est une démarche possible, qu'il faut toutefois proscrire, si elle n'est pas surveillée de loin ou de près par un professeur ou soi-même. Cette technique doit toujours se faire dans des « conditions de laboratoire » bien surveillées. Dans ce cas, les résultats peuvent faire découvrir des vérités souvent cachées derrière le masque des conventions, routines et habitudes que notre cerveau nous impose.





Figure 5 : Unité psychophysique à prédominance animalière

**Arthur STAMMET**
*professeur de chant*

IUBILAEUM

# ncal -e 2021

Wie wir in dieser Corona-Zeit Ostern feiern können, war auch kurz vor dem Fest noch unklar, doch dass wir am 4. April feiern, zeigte ein Blick auf den Kalender. Wieso eigentlich?

In der Karwoche vollziehen wir den Einzug Jesu in Jerusalem, das Letzte Abendmahl, die Gefangennahme, den Prozess und die Kreuzigung, die Grablegung und das Auffinden des leeren Grabes mit. Die vier Evangelien erzählen von diesen Ereignissen, aber ohne exakte Datumsangabe. Sie stimmen darin überein, die Ereignisse am Paschafest anzusiedeln; auch über die Kreuzigung am Freitag (am „Rüsttag" vor dem Sabbat nach Luthers schöner Eindeutschung) und der Auferstehung am ersten Tag der neuen Woche (also am Sonntag) besteht Einigkeit. Schwieriger wird es bei der Fixierung im Kalender: Pascha ist nicht an einen bestimmten Wochentag, sondern an den Vollmond gebunden. Bei Matthäus bereiten die Jünger explizit „das Paschamahl" vor, es handelt sich also um einen 14. Nisan im jüdischen Kalender, und das Abendmahl (jüdische Tage beginnen nicht an Mitternacht, sondern schon bei Sonnenuntergang) wird als Sedermahl am 15. Nisan gesehen, wie es uns aus der Lesung (Ex 12) am Gründonnerstag bekannt ist. Das Johannesevangelium (Joh 18,28) dagegen berichtet vom Verhör im Prätorium: „Sie selbst gingen nicht in das Gebäude hinein, um nicht unrein zu werden, sondern das Paschalamm essen zu können" und für die Verurteilung (Joh 19,14) „Es war Rüsttag des Paschafestes." Das Mahl mit der Fußwaschung findet hier also vor dem Beginn des Festes statt. Viele Forschungsarbeiten und viele Hypothesen haben versucht, diesen Widerspruch aufzuheben, so etwa durch die Annahme, zur Zeit Jesu seien bei verschiedenen jüdischen Gruppen unterschiedliche Kalender in Gebrauch gewesen. Die entsprechende Literatur zur Datierung der Passion dürfte mittlerweile Schrankwände füllen, einen ersten Einstieg findet man im wikipedia-Artikel „Chronologie des

Lebens Jesu“.

Für die Christen stellte sich damit die Frage, wann Ostern zu feiern sei: am jüdischen Paschafest, unabhängig vom Wochentag am Frühlingsvollmond oder zwingend an einem Sonntag? Nach vielen Jahren der Unsicherheit und der regionalen Streitigkeiten entschied das Konzil von Nicäa, Ostern sei am Sonntag nach dem ersten Vollmond zu feiern, der an oder nach der Frühlings-Tag-und-Nacht-Gleiche erfolgt. Dies sollte uns zu einem kurzen Nachdenken über Kalender ermuntern.

Kalender versuchen, drei astronomische Bewegungen, die eigentlich unabhängig sind, miteinander zu verknüpfen: die Eigenrotation der Erde beschert uns Tage zu 24 Stunden; dies ist der Abstand von zwei Sonnenhöchstständen. Auf lange Zeiträume betrachtet verlangsamt sich die Rotation, der Tag wird um etwa 17µs pro Jahr länger (cf. wikipedia: Erdrotation) und die amtliche Zeit wird in unregelmäßigen Abständen durch Schaltsekunden an die tatsächliche Bewegung angeglichen. Die Bewegung der Erde um die Sonne definiert das Jahr, für unsere Zwecke der Zeitraum zwischen zwei Frühlingsäquinoktien (Tag-und-Nacht-Gleichen). Nun ist aber der genaue Tag des Äquinoktiums nicht leicht zu erkennen, und die meisten Kulturen haben ihre Zeiteinteilung nach den besser zu beobachtenden Mondphasen bestimmt (Ps 104,19 „Du machst den Mond zum Maß für die Zeiten“). Dies gibt uns als dritte Periode den Monat als Abstand etwa zwischen Vollmonden. Klarer zu beurteilen ist der Zeitpunkt des „Neulichts“, die erste Sichtung der untergehenden Mondsichel am Abendhimmel nach der Neumondphase.

Die Kalender verschiedener Kulturen unterscheiden sich in der Frage, ob die astronomische Gegebenheit bloß errechnet wird oder tatsächlich beobachtet werden muss. So begannen jüdische Monate, wenn Zeugen die Sichtung der Mondsichel in Jerusalem meldeten; die Nachricht wurde dann durch Boten und Signalfeuer verbreitet. Schlechtes Wetter konnte also den Monats- oder Jahresbeginn verzögern, und man suchte nach einer Möglichkeit, die Mondphasen und damit den Kalender im voraus zu berechnen, was sich aber wohl erst im 11. Jahrhundert allgemein durchsetzte.

Betrachten wir die Dauern der himmlischen Bewegungen, werden die weiteren Probleme schnell klar: ein Mondmonat dauert 29,53059 Tage, ein Sonnenjahr 365,2422 Tage; die Perioden sind also nicht einfach in Übereinstimmung zu bringen. Spielen Jahreszeiten keine große Rolle, so wird man zur Zeitmessung eher die gut zu beobachtenden Mondzyklen benutzen. Betreibt man Landwirtschaft in größerer Entfernung vom Äquator, wird dagegen der Sonnenlauf wichtiger, das Mondjahr ist dann ohne Bedeutung.


Bei Lunarkalendern, etwa dem islamischen, wechseln Monate zu 29 und 30 Tagen ab (mittlere Länge 29,5 Tage), der verbleibende Fehler wird dadurch verringert, dass in einem 30-jährigen Zyklus elfmal der letzte Monat um einen Tag verlängert wird. Zwölf solcher Monate ergeben ein Mondjahr zu 354 oder 355 Tagen, es ist also 11 Tage kürzer als ein Sonnenjahr, was dazu führt, dass der islamische Fastenmonat in unserem Kalender jedes Jahr 11 Tage früher beginnt, also durch die Jahreszeiten wandert. Solarkalender, etwa der gebräuchliche gregorianische mit seiner unregelmäßigen Abfolge der Monatslängen, verzichten dagegen ganz auf feste Mondtermine, daher wandern hier die Vollmonde durch den Kalender. Auch Solarkalender benötigen Schalttage, nicht um die Mondphasen am berechneten Termin zu halten, sondern die Jahreszeiten. In frührömischer Zeit erfolgte diese Anpassung durch Naturbeobachtung: trat der Frühling anders als erwartet ein, konnte die Priesterschaft den Kalender anpassen. Julius Cäsar (als pontifex maximus durchaus hierfür zuständig) legte das Schema fest: jedes vierte Jahr erhält einen Schalttag, die mittlere Jahreslänge wurde also 365,25 Tage. Im Laufe der Jahrhunderte störte der verbleibende Fehler immer stärker, der astronomische Frühlingsbeginn lag im 16. Jahrhundert gut zehn Tage vor dem kalendarischen! 1582 ordnete Papst Gregor XIII durch



Osterintroitus und Initiale 1270-1300
(wikimedia commons, gemeinfrei)

die Bulle „Inter gravissimas“ eine Kalenderreform an: künftig sollten an den Jahrhundertgrenzen drei von vier Schalttagen ausfallen, die mittlere Jahreslänge beträgt nun 365,2425 Tage. Um den Frühlingsbeginn wieder auf den 21. März zu bringen, musste man 10 Tage im Kalender überspringen. Der Wochenzyklus (der keinen astronomischen Hintergrund hat) blieb dabei erhalten; auf Donnerstag, den 4. Oktober, folgte Freitag, der 13. Oktober 1582. Der jüdische Kalender dagegen kombiniert beide Zyklen zu einem Lunisolarkalender: die Monatslänge entspricht der Mondperiode, doch um den Bezug zum Sonnenjahr nicht zu verlieren, kann in unregelmäßigen Abständen ein Schaltmonat eingefügt werden, das Jahr hat dann 13 statt 12 Monate. Um Christi Zeit lag diese Entscheidung bei den Religionsbehörden; Aufzeichnungen dazu, wann Schaltmonate eingefügt wurden, bestehen nicht, so dass eine Datierung der Passionsereignisse, die ja auf einen Abgleich jüdischer mit julianischen Daten hinausläuft, immer unsicher bleibt.

Ein Kalender, der Schalttage oder -monate nach Beobachtung einfügt, erschwert natürlich die Planung: wenn ich das Frühlingsneulicht beobachten muss, um den Ostertermin zu bestimmen, kann ich den Beginn der Fastenzeit nicht festlegen. Man versuchte also



Ostertafel nach Dionysius Exiguus für die Jahre 532 bis 558, Kalenderdaten nach römischer Zählweise (in der ersten Zeile etwa "Nonas Aprilis") für das Vollmonddatum


früh, den Kalender nicht durch Beobachtung, sondern durch Berechnung zu definieren. Im christlichen Mittelalter ist diese Rechenvorschrift als „computus paschalis“ bekannt; sie war der wesentliche Anreiz, sich überhaupt mit Mathematik zu beschäftigen. Die Grundlage bildet der „Meton-Zyklus“, der bereits im fünften Jahrhundert vor Christus bekannt war: 19 Sonnenjahre dauern etwa 235 Mondmonate, der Fehler beträgt lediglich zwei Stunden. (wikipedia: „Meton-Zyklus“). Der Computus ordnet daher jedem Kalenderjahr eine „Goldene Zahl“ zwischen 1 und 19 als Index im Mondzyklus zu (für 2021 eine 8, 2022 9 u.s.w. bis 19, dann wieder bei 1 beginnend). Bis zur Gregorianischen Reform gehörte zu jeder Goldenen Zahl eine feste „Epakte“, eine Zahl, die (heute) das Mondalter am Jahresbeginn angibt, also die Anzahl der Tage zwischen Dezember-Neulicht und Neujahr, für das laufende Jahr 16. Da die Goldene Zahl 19 Werte annehmen kann, hat auch die Epakte nur 19 Werte, der Ostervollmond kann also an 19 möglichen Daten auftreten, die sich zyklisch wiederholen. Der Frühlingsanfang wird auf den 21. März festgelegt (dies ist in den meisten Jahren nicht das astronomisch korrekte Datum!), der Ostervollmond liegt daher zwischen 21. März und 18. April, Ostern am darauf folgenden Sonntag.

In diesem Intervall verschiebt sich der Vollmond jährlich um 11 Tage rückwärts oder um 19 Tage vorwärts.

Die Kalenderreform von 1582 hat für Sonne und Mond kleine Änderungen angebracht, um künftige Abweichungen gering zu halten. Man bezeichnet diese als „Säkularschaltungen“ in dem Sinne, dass nur an einer Jahrhundertgrenze Korrekturen wirksam werden. Die Korrektur für das Sonnenjahr ist bekannt: an drei von vier Jahrhundertgrenzen entfällt der Schalttag. Doch auch das „unsichtbar“ mitlaufende Mondjahr wurde korrigiert: in einem Zeitraum von 25 Jahrhunderten werden die Epakten 8 mal verschoben, die Zuordnung von Goldener Zahl und Epakte ist nicht mehr fest, ab 2200 sind andere Vollmondtermine möglich als im Zeitraum zwischen 1900 und 2199. Um vom Vollmond zum Ostersonntag zu gelangen, verwendet der Computus den „Sonntagsbuchstaben“: die Tage werden von A bis G zyklisch durchnummeriert, alle Sonntage erhalten also den gleichen Buchstaben. Der erste Sonntag des laufenden Jahres fiel auf den 3.1.2021; das Jahr trägt daher den Sonntagsbuchstaben C. Da 365 Tage 52 Wochen um einen Tag überschreiten, wird 2022 ein B-Jahr sein, 2023 A, 2024 bis Ende Februar G, dann wegen des Schalttages F.

Zur Berechnung des Ostertermins benötigen wir also die Goldene Zahl des laufenden Jahres, berechnen die Epakte unter Verwendung der derzeitigen Säkularkorrekturen, erhalten das Datum des Frühlingsvollmonds und suchen anhand des Sonntagsbuchstabens den darauf folgenden Sonntag. Der 30. März liegt drei Mondmonate später als der 31. Dezember und hat damit das gleiche Mondalter, im laufenden Jahr 16. Vollmond ist am 14. Tag nach Neulicht, 2021 also am 28. März, Ostern am darauf folgenden Sonntag, dem 4. April. Wann wird Ostern 2022 sein? Der Frühlingsvollmond liegt 19 Tage später am 16. April, 11 Tage früher wären vor Frühlingsbeginn. Der 16.4.2021 ist ein Freitag, der 16.4.2022 also ein Samstag, daher fällt Ostern auf den 17.4.2022.
Mit welcher Periode wiederholen sich die Osterdaten? Die Sonntagsbuchstaben (oder gleichwertig: der Wochentag von Neujahr) wiederholten sich im julianischen Kalender mit einer Periode von 7x4=28 Jahren, im gregorianischen (3 von 100 Schaltjahren entfallen) von 400 Jahren. Nach dem metonischen Zyklus hat der Vollmondzyklus 19 Jahre, die julianischen Osterdaten wiederholten sich nach 19x28=532 Jahren. Infolge der gregorianischen Epaktenverschiebungen beträgt die Periode heute immerhin 5.700.000 Jahre!

Wie berechnet man das Osterdatum heute? Carl Friedrich Gauß (1777-1855), für seine Leistungen auf den verschiedensten Gebieten der Mathematik, Physik und Astronomie als „princeps mathematicorum“ gewürdigt, veröffentlichte 1800 eine Osterformel, um die wortreichen Erklärungen des Computus in einer kurzen Rechenvorschrift zusammenzufassen, die er allerdings kaum begründete. Da er die Lunarkorrekturen missverstanden hatte, korrigierte er den Algorithmus 1816, benötigte aber noch zwei Ausnahmeregeln, durch welche die gregorianische Reform einen zu späten Ostersonntag vermeidet. Heutige Fassungen beziehen diese Korrekturen mit ein (wikipedia: Gaußsche Osterformel). Sofern Sie ein UNIX-ähnliches Betriebssystem einsetzen, erhalten Sie am heimischen Rechner den Ostertermin einfach durch die Eingabe von „ncal -e [Jahreszahl]“, was endlich die Überschrift dieses Beitrags erklärt.
In früheren Jahrhunderten stellten klu-




ge Köpfe „Ostertafeln“ zusammen, die für einen gewissen Zeitraum die Osterdaten angeben und damit dem Einzelnen die Berechnung abnahmen. Solche Tabellen wurden und werden in Messbüchern und Brevieren veröffentlicht, oft auch mit einer genauen Begründung der Berechnung, die wohl auf die Kalenderreformer Lilius und Cla-




Computusteil der Astronomischen Uhr im Straßburger Münster: zur Jahreszahl 2014 werden u.a. Epakte, Goldene Zahl und Sonntagsbuchstabe angezeigt. Foto des Verfassers

vius des 16. Jahrhunderts zurückgeht. Schon Dionysius Exiguus (um 470 – um 540) berechnete Ostertafeln, die von Beda Venerabilis (672-735) 725 in „De temporum ratione“ auf einen ganzen Zyklus (532-1063) erweitert wurden. Beda setzte hiermit die römische Osterrechnung gegen fränkische und angelsächsische Berechnungsweisen durch; die Ostertafeln könnten sogar im Zusammenhang mit der Friesenmission seines Zeitgenossen Willibrord (658-739) entstanden sein und somit eine direkte Beziehung zu unserer Region haben. Die Erarbeitung und Korrektur von Kalendern erfordert eine möglichst genaue Beschreibung der astronomischen Bewegungen. Für lange Jahrhunderte maßgeblich waren die Alfonsinischen Tafeln, die 1252 auf Betreiben des Königs Alfons X. von Kastilien und León (1221-1284) erstellt wurden. „Alfonso el Sabio“ dürfte in Kirchenmusikerkreisen eher durch die „Cantigas de Santa Maria“ bekannt sein, seinen 800. Geburtstag werden wir an dieser Stelle noch würdigen. Drei Jahrhunderte später treffen wir auf eine weitere Verbindung von Musik und Komputistik: Sethus Calvisius (den wir bereits in CN 3/2015 gewürdigt hatten), durch sein „Opus chronologicum“ anerkannter Astronom und Mathematiker, lehnte Rufe als Mathematikprofessor nach Wittenberg und Frankfurt/Oder ab, um in Leipzig Thomaskantor (seit 1594) zu bleiben. Als Kantor in Schulpforta (ab 1581) hatte Calvisius den Motettengesang bei den gemeinsamen Mahlzeiten eingeführt; um diesen guten Brauch für die Feiertage zu fördern, schließen wir diesen Beitrag mit einem österlichen Satz aus seiner Sammlung „Harmonia Cantionum Ecclesiasticarum“ ab und wünschen frohe Ostern.

**Laurent WILLKOMM**

Literatur:


- Einen guten Einstieg bieten die bereits erwähnten wikipedia-Artikel.
- „Wann ist Ostern?“ auf www.ptb.de mit Angabe des modifizierten Gaußschen Algorithmus
- https://www.tondering.dk/claus/cal/easter.php
- http://www.nabkal.de/
- https://computus.de/
- http://www.kalenderlexikon.de/index.php
- http://www.swetzel.ch/ostern/ostern.html
- Piper, Ferdinand, Zur Kirchenrechnung, Berlin 1841
Lichtenberg, Heiner, Das anpassbar zyklische, solilunare Zeitzählsystem des gregorianischen Kalenders“, in Mathematische Semesterberichte 2003
- Mosshammer, Alden A., The Easter Computus an the Origin of the Christian Era, Oxford 2008
- Lichtenberg, Heiner, Zur Interpretation der Gaußschen Osterformel und ihrer Ausnahmeregeln, Historia Mathematica 24(1997), 441-444
- Nothaft C.P.E., Dating the Passion, Leiden 2012
- Dershowitz and Reingold, Calendrical Calculations, Cambridge 2008






# Passionsspiele Oberammergau 2022

Die Oberammergauer Passionsspiele haben eine lange Tradition. Alle 10 Jahre ziehen sie Tausende Besucher an. „Im Kreuz ist Heil, im Kreuz ist Leben, im Kreuz ist Hoffnung“ – dieser Glaube soll im bayerischen Dorf lebendig gehalten werden und als Botschaft die vielen Zuschauer aus der ganzen Welt erreichen.

Die Passionsspiele gehen zurück auf das Jahr 1633, als der Ort von der Pest heimgesucht wurde. In ihrer Todesangst wandten sich die Menschen an Jesus Christus. Gott erhörte das Gebet, und die Oberammergauer erfüllten ihr Versprechen, alle zehn Jahre ein Passionsspiel aufzuführen. Seit mehr als drei Jahrhunderten gilt das Spiel nunmehr durch alle Generationen als heiliges Vermächtnis, als Feier der Erinnerung an die Rettung aus Todesnot und als Zeichen des Dankes.

**Reservierung in allen Reisebüros von Voyages Emile Weber**
**Info-Telefon: (+352) 35 65 75-1 · stefano.camposeo@vew.lu · www.emile-weber.lu**
**PREIS PRO PERSON - 6 Tage** Doppelzimmer: 1.790 € EZ-Zuschlag: 440 €

## 5 Pilgerreisen zu den Passionsspielen in Oberammergau:

**30.5. - 04.6.2022:** Dechant Claude Bache
& Mme Dani Mackel

**04.7. - 09.7.2022:** Weihbischof Leo Wagener
& Mme Renée Schmit

**07.7. - 12.7.2022:** Dechant Edmond Ries
& Pfarrer Pit Faber

**01.8. - 06.8.2022:** Generalvikar Patrick Muller
& Mme Milly Hellers

**24.9. - 29.9.2022:** Pfarrer Jean-Pierre Schuller
& Mme Regina Hünecke

LUXEMBOURG - 1
Port payé
PS / 140